P510 (D) 1524

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Vera Haas-Gelejinsky
Service des Commissions
Tél: +352 466 966 224
Courriel: vhaas@chd.lu

Monsieur Flavio Menei
5, am For
L-5351 Oetrange

Lëtzebuerg, den 18. November 2015

Betr. : Petitioun 510 – Referendum: Neiwahle fir Lëtzebuerg

Monsieur,

An hirer Réunioun vum 16. November 2015 huet d'Petitiounskommissioun Är Petitioun 510 analyséiert an folgend Conclusioune gezunn.

An Ärer Motivatioun steet *« … wier et elo un der Zäit, e Referendum ze organiséieren wou d'Wieler gefrot solle ginn, ob si Neiwahle wëllen oder net ».*

D'Ofhale vun engem Referendum gëtt geregelt am Gesetz vum 4. Februar 2005 relative au référendum au niveau national (Mémorial A – N° 27 vum 3. Mäerz 2005, Säit 548). Dora geet Rieds iwwer zwou Zorte vu Referenden, een nom Artikel 114 vun der Verfassung an een nom Artikel 51, Paragraph 7 vun der Verfassung.

*«Art. 114.*
*Toute révision de la Constitution doit être adoptée dans les mêmes termes par la Chambre des députés en deux votes successifs, séparés par un intervalle d'au moins trois mois.*
*Nulle révision ne sera adoptée si elle ne réunit au moins les deux tiers des suffrages des membres de la Chambre, les votes par procuration n'étant pas admis.*
*Le texte adopté en première lecture par la Chambre des députés est soumis à un référendum, qui se substitue au second vote de la Chambre, si dans les deux mois suivant le premier vote demande en est faite soit par plus d'un quart des membres de la Chambre, soit par vingt-cinq mille électeurs inscrits sur les listes électorales pour les élections législatives. La révision n'est adoptée que si elle recueille la majorité des suffrages valablement exprimés. La loi règle les modalités d'organisation du référendum».*

Dësen Artikel betrëfft d'Verfassungsännerung a kënnt demno bei Ärem Uleies net a Fro.

*« Art. 51. (7)*
*Les électeurs pourront être appelés à se prononcer par la voie du référendum dans les cas et sous les conditions à déterminer par la loi. »*

Et besteet keng politesch Majoritéit, déi sou ee Gesetz géif droen.

D'Petitiounskommissioun huet zu Äre Revendicatioune Stellung bezunn a geet dovun aus, datt d'Instruktioun vun Ärer Petitioun domat ofgeschloss ass.

Mat beschte Gréiss,

Mars Di Bartolomeo
Chamberspresident